

RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 2 / 3 – 2020



PRÉFACE



GEMENG

Extrait du registre aux délibérations	05	Nationalfeierdag 2020.....	10
Schoulorganisatioun a Busplang Useldenger Grondschool Bëschschool Useldeng.....	06	Communiqué du collège échevinal.....	13
	07		

DUERFLIEWEN

Groupe Spéléologique de l'Attert ..	14
Jugend- a Sportskommissioun	15



VERÄINSLIEWEN



Gründung der Vereinigung "Les Amis du Prieuré d'Useldange a.s.b.l."	17	Hämmelsmarsch 2020 zu Iewerleng, Schandel, Useldeng.	21
100. Gebuertsdag Jempi Scholtus..	19	F.C. Jeunesse Useldeng.....	22
125. Gebuertsdag vun der Harmonie Useldeng	20		

GESCHICHTLICHES AUS DER GEMENG

De Wollef zu Useldeng am 19. Joerhonnert	25
--	----

SERVICE

SuperDreckKëscht : Farben & Lacke, Spraydosen ..	42
Police- Präventiounsmessagen.....	44

DE GRÉNGEN ECK

Klima-Team Useldeng.....	29
Sicona kids	38



AM KANTON

Foyer de jour 'A Butzen'	40
Par Atertdall	41

D'REZEPT VUN DER BOMI

Fierkelsjhelli	45
----------------------	----


AGENDA

Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch“ matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënt Dir lech beim Pollo Bodem mellen (bodemp@pt.lu). Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu

Redaktiounsschluss fir den Ripevusch N° 3/3 – 2020 ass den 09.11.2020!
Merci dem Gaby Pavant

Foto Cover: Tom Lehnert
Mise en page: a | part
Impression: imprimerie reka
Tirage: 850 exemplaires

De Ripevusch a Coronazäiten



An dëse Coronazäiten ass alles e bësselchen aneschters, och wat de Contenu vun dëser Ripevusch-Editioun betrëfft.

Eis Veräiner hate quasi keng Aktivitéiten an esou feelen eis déi néidig Rapporten a Biller, déi mir ëmmer gäre publizéiert hunn an déi esou den Historique vun hirem trimesteriel-le Schaffe retracéiert hunn.

An awer hunn e puer geschichtlich interesséiert Leit aus enger Gemeng an dëse méi moren Zäiten et fäerdegbrecht eng nei Vereenigung ënnert dem Numm „Les amis du prieuré Asbl“ ze grënnen.

Hiert Zil, déi archeologisch an historisch Vergaangenheet aus eiser Gemeng méi déif ze erfuerschen, kann nëmme d'Ënnerstëtzung vun eis all fannen.

D'Welt dréint trotz Corona weider an och an eiser Gemeng si keng Dossiere leie bliwwen.

De Schaffen- a Gemengerot huet seng Sitzungen am Centre culturel respektiv am Gemengenhaus mat där néidiger physischer Distanz ofgehalen a problemlos an effikass säi Pensum absolvéiert.

Eis Gemeng kritt deemnächst een neit Verkéiersreglement an domat och ee méi séchere Schoulwee fir eis Kanner; eng spezial Editioun heiriwwer dierften eis Biergerinnen a Bierger Enn September an hire Bréifkëschte fannen.

Op der Landkaart mat den Zuele vun de Covid-infizéierte Patienten, konnt Dir feststellen, dass eis Gemeng bis elo onni weesentliche Schued déi grous Pandemie iwwerstanen huet. A mir kënnen nëmme hoffen, dass dat esou bleibt.

Déi Moosnamen, déi vun den Autoritéiten ergraff goufen, si bei eis onni ze knoutere befollegt ginn. An dat verdéngt ee ganz grousst Luef u Jiddereen.

Mat Disziplin an där richtiger Astellung kënt een definitiv méi wäit.

D'Direction générale vum Tourismus huet derfir gesuergt, dass bei hirem Promotioun vun der „Vakanz doheim“, eis Gemeng am Ländche méi bekannt gouf an eis Buerg an d'Mushrooms waren op verschiddenen Titelsäite vu ville Medie gutt ze erkennen.

Dat gutt Wieder huet ënner anerem och derzou bäigedroen, dass mer de Grand-Duché a senger ganzer Villfalt konnten nei entdecken an et ass also och nit verwonnerlich, dass zu Lëtzebuerg déi sanft Mobiltéit an de Vélo neien Optriff kruten.

Dem Wollef aus dem 19. Joerhonnert, deem de Georges Majerus méi Säiten an dësem Ripevusch gewidmet huet, si mir villäicht nit begéint an dach konnte mir déi schéin Déierewelt an eise Bëscher a Wisen observéieren an deelweis nei bewonneren.

Mir goufen och op Häerz an Niere vun enger internationaler Jury op eis Aktivitéiten am Klimapakt gepréift a freeën eis lech matzedeelen, dass eis Gemeng d'nächst Joer den „European Energy Award“ a Gold wäert iwwerrecht kréien.

Déi mannigfaltig Engagementer vun eiser Gemeng a puncto Klimaschutz an Energiespuere goufen also honoréiert, wourop mer ganz stolz sinn.

Een extrae Merci vu menger Säit geet do un eist Klimateam vun haut a vun der Period virdrun an un eise Service technique, deen eis ëmmer berodend begleet huet.

Bei Geleeënheet wäerte mer nach emol op den Detail vun dësem Sujet agoen, mee Dir konnt och feststellen, dass mer rezent ee Flyer verdeelt hunn, deen déi spezifisch kommunal Subside fir Energie-Spuer-Aktiounen nach emol festhält.

Dir konnt och dobäi bemierken, dass de Gemengerot heibäi absolut nit knauserig war an dass deelweis méi bäigeluecht gëtt, wéi de Staat dat mécht.

Een neie Schoulufank steet virun der Dier a mir sinn dëst Joer als Gemeng, als Schoul a Maison Relais méi gefuerdert wéi jee, fir ee reibungslosen Oflaf an d'Schouljoer 2020/2021 eran ze garantéieren.

Mir hunn natierlech déi néidig Sécherheetsmesurë geholl a wäerten alles dru setzen, fir dass de Virus sech nit kann an eise Schoulgebaier verbreeden. Eng absolut Garantie kënnen och mir leider nit liwweren...

Mam Schoultransport musse mir „Navigation à vue“ maachen an hunn elo mol de Schoultransport ënnert „normale“ Konditiounen an dëser Editioun publizéiert.

Ännerunge sinn hei jidder Zäit méiglech a ginn dann och schnell matgedeelt!

Dir mierkt, léif Leit, dass jo awer alles e bësselche geännert huet, mee mir bleiwen zouversiichtlich a probéieren alles am Grëff ze behalen.

No engem waarme Summer wënsche mir eis all ee méi rouigen Hierscht an drécken de Wonsch aus, dass mir dee Covid-19-Fléau esou séier wéi méiglech kënnen hannerun eis loossen.

Bleift all gesond!

Äre Buergermeeschter

Folko Bodem

Extrait du registre aux délibérations

du conseil communal de la commune d'Useldange

Séance du 15 mai 2020

Projet: extension du centre scolaire et de la Maison Relais:

Vote de l'avant projet et du vote du devis concernant des travaux anticipés

Le conseil communal a voté l'avant-projet de l'extension du centre scolaire et de la Maison Relais pour un total de 16.449.600,76€. En outre le projet prévoit la création d'une nouvelle salle de classe dans le bâtiment existant, une mise en conformité de la détection incendie et l'extension du système de contrôle d'accès au bâtiment.

Vote d'une prime communale pour le remplacement d'une chaudière à énergie fossile

Le conseil communal a décidé d'accorder une subvention aux ménages qui remplacent leur ancienne chaudière à énergie fossile (min. 10 ans) par une nouvelle installation valorisant les énergies renouvelables, tel que chaudière à pellets et à copeaux de bois, chaudière à bois ou combinée bois/pellets ou pompe à chaleur.

Le montant de la prime communale est fixé à 25% de la prime étatique avec un montant maximal de 1.000€.

Décision de principe concernant l'aménagement d'un cimetière forestier régional.

Les conseillers communaux ont marqué leur accord concernant l'aménagement d'un cimetière forestier régional à Reimberg près de la chapelle St. Roch.

Ce cimetière forestier régional sera réalisé avec la commune de Prézersdaul et de Grosbous.

Vote du projet smart-water

Le projet smart-water prévoit le remplacement des compteurs d'eau dans toute la commune d'Useldange par des compteurs électroniques avec lecture à distance.

Le projet démarre au 3^{ème} trimestre 2020.

Vote du devis de la rénovation de la toiture et d'une installation photovoltaïque sur la toiture de l'ancien atelier communal

Le conseil communal a voté un devis de 65.000€ TTC concernant la rénovation de la toiture de l'ancien atelier communal ainsi qu'un devis de 43.000€ TTC concernant une installation photovoltaïque sur la toiture de l'ancien atelier communal à Useldange.

Fixation de l'impôt foncier pour l'année 2021

Le conseil communal a fixé les taux de l'impôt foncier pour l'année 2021 comme suit:

1) Impôt foncier A:	400%
2) Impôt foncier B1:	600%
3) Impôt foncier B2:	400%
4) Impôt foncier B3:	200%
5) Impôt foncier B4:	200%
6) Impôt foncier B5:	400%
7) Impôt foncier B6:	400%

Fixation de l'impôt commercial pour l'année 2021

Le conseil communal a fixé le taux à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2021 à **275%**.

Publications

	conseil communal	approbation	publication	entrée en vigueur
Vote d'une prime communale pour le remplacement d'une ancienne chaudière à énergie fossile	15/5/20	non soumise	8/6/20	12/6/20
Demande de morcellement: Hemmer	25/2/20	non soumise	10/8/20	14/8/20
Demande de morcellement: Bodem-Faber	22/6/20	non soumise	20/7/20	24/7/20
Demande de morcellement: Sinner	22/6/20	non soumise	20/7/20	24/7/20
Demande de morcellement: Kleer	15/5/20	non soumise	20/7/20	24/7/20

Schoulorganisatioun a Busplang

2020 - 2021

Notiz: Opgrond vun dem neien EU-Datenschutzreglement (RGPD), dat de 25. Mee 2018 a Kraft getrueden ass, ass et eis leider net méi méiglech d'Nimm vun de Schoulkanner ze verëffentlechen. Merci fir Äert Versteesdemech!

Précoce (12 enfants)

Titulaire de référence: Czerwonka Claudia

Cycle : 1.1+1.2 A (15 enfants)

Titulaire de référence: Barthelemy Carole

Cycle : 1.1+1.2 B (14 enfants)

Titulaire de référence: Weis Laura

Cycle : 1.1+1.2 C (15 enfants)

Titulaire de référence: Petry Lynn

Cycle 2.1 (16 enfants)

Titulaire de référence: Emeringer Sandra

Cycle 2.2.A (12 enfants)

Titulaire de référence: Schartz Michèle

Cycle 2.2B (12 enfants)

Titulaire de référence: Neuman Christiane

Cycle 3.1A (12 enfants)

Titulaire de référence: Hansen Myriam

Cycle 3.1 B (14 enfants)

Titulaire de référence: Zimmermann Kelly

Cycle 3.2 A (12 enfants)

Titulaire de référence: Schummer Nadine

Cycle 3.2 B (12 enfants)

Titulaire de référence: Erdel Marilyn

Cycle 4.1 A (13 enfants)

Titulaire de référence: Risch Claudine

Cycle 4.1 B (11 enfants)

Titulaire de référence: Schroeder Blanche

Cycle 4.2 (18 enfants)

Titulaire de référence: Groben Gilles

Trajet A – ALLER

Schandel > Useldange > École Centrale

	Matin	Après-midi
Schandel – Église	7h30	13h32
Schandel – Rue de Vichten	7h32	13h34
Useldange – Helperbiereg	7h37	13h39
Useldange – Ancienne École	7h40	13h42
Useldange – Spuerkees	7h42	13h44
Useldange – École Centrale	7h45	13h47

Trajet B – ALLER

Everlange > Rippweiler > Useldange > École Centrale

	Matin	Après-midi
Everlange – Moulin	7h18	13h28
Everlange – Pont	7h20	13h30
Everlange – Centre Culturel	7h22	13h32
Everlange – Rue Halte	7h24	13h34
Rippweiler – Grotte Strooss	7h30	13h40
Useldange – Arrêt Lahr	7h36	13h46
Useldange – Cimetière	7h38	13h48
Useldange – École Centrale	7h42	13h52

Trajet A – RETOUR

École Centrale > Schandel > Useldange

	Matin	Après-midi
Useldange – École Centrale	12h10	15h55
Schandel – Église	12h14	15h59
Schandel – Rue de Vichten	12h16	16h01
Useldange – Spuerkees	12h20	16h05
Useldange – Helperbiereg	12h23	16h08
Useldange – Ancienne école	12h27	16h12

Trajet B – RETOUR

École Centrale > Useldange > Rippweiler > Everlange

	Matin	Après-midi
Useldange – École Centrale	12h10	15h55
Useldange – Cimetière	12h13	15h58
Useldange – Arrêt Lahr	12h16	16h01
Rippweiler – Grotte Strooss	12h22	16h07
Everlange – Rue Halte	12h28	16h13
Everlange – Centre Culturel	12h30	16h15
Everlange – Pont	12h32	16h17
Everlange – Moulin	12h34	16h19

Transport scolaire (horaires bus) 2020/21

sous réserve de modification éventuelle suite à la pandémie Covid-19

Bëschschoul Useldeng



Bëschschoul Useldeng

Sou wéi et a Skandinavian an an Däitschland zënter méi wéi 20 Joer déi sougenannte „Waldkindergärten“ ginn, kënnst dës pedagogesch Iddi bei eis am Land och lues a lues op. Nieft der Stad Lëtzebuerg, Wolz a puer Gemengen aus dem Süde vum Land, bitt d'Schoul Useldeng den Elteren zënter dem September 2019 d'Geleeënheet, fir hir Kanner an d'Bëschschoul anzeschreiwen.

Dëst Schouljoer waren 8 Précoce- an 11 Spillschoulskanner an dëser Klass ageschriwwen ginn. D'Kanner gi bei all Wieder méindes, dënschdes, mëttwochs an donneschdes moies an de Bësch „an Hiesel“ an notzen do de Bësch als Schoulraum.

Nomëttes a freides si si an hirem Kllassesall an der Schoul.

De Bësch bitt de Kanner den ideale Raum, wou si sech d'Kompetenzen aus dem Plan-cadre kënnen uneegnen, andeems si mat hire 5 Sënner léieren an erliewen.

D'Léieren am Bësch erméiglecht de Kanner fir hirem natierleche Beweegungsdrang gerecht ze ginn an duerch Sënneserfahrungen sech selwer an hir Ëmwelt ze spieren a kennenzeléieren an dobäi ze léieren.

Dat natierlecht Ëmfeld bitt de Kanner Raum, Zäit, Rou, Spillmaterial, sou wéi Spillsituatiounen, Sproochgeleeënheeten a Bezéiungen, déi si brauche fir ze léieren.

Folgend Fotoe weisen Iech, wéi d'Erliewen an d'Léieren an der Bëschschoul ausgesäit. Wann Dir Froen zum Thema Bëschschoul hutt, da mellt Iech op folgender Mailadress: fabienne.mertens@education.lu

Text: Fabienne Mertens



Film: Bëschschoul





Nationalfeierdag 2020

Useldeng begeet am klengen Krees den Nationalfeierdag. Um Virowend huet de Buergermeeschter Pollo Bodem mam Schäffen- an Gemengerot e Blumenarrangement beim Monument aux Morts niddergeluecht, fir deenen ze gedenken, déi fir eis Fräiheet gestuerwe sinn.

LU Message vum Buergermeeschter um Virowend vum Nationalfeierdag 2020!

Léif Matbiergerinnen a Matbierger!

Dësen Nationalfeierdag 2020 ass een anere wéi soss, ongewinnt, ouni Te Deum, ouni Participatioun vun de Veräiner, ouni Cortège, ouni Medaileniwwerreechung, ouni de gemeinsame Buffet, ouni Ambiance, Stëmmungsmusik asw.

De Grond dervu kenne mer alleguerten an mir huelen och déi Erausforderung mat stoischer Gelooseneheet a mat vill Disziplin un; genee esou wéi mer dat elo schonns iwwer 2 Méint am Lockdown gemaach hunn.

Eis Virfaren hunn an deem mäerdereschen 2. Weltkrich nach méi Entbierunge missten op sech huelen an als positiv agestallte Biergerinnen a Bierger sollte mer dat Gutt aus der onverhoffter Zwangsisolatioun zéien.

Mir krute mol erëm d'Zäit, eis op eis selwer ze besënnen, eis schéi Gemeng mat senger idyllescher Atert a senger intakter Natur e bësselche méi genee ze observéieren. A mir sinn zur Schlussfolgerung komm, dass d'Liewensqualitéit dach bei eis nach eng aner ass, eng ganz héich souguer an nit ze vergläiche mat där a Grousstied, a Ballungszenteren an an Industriegebieder.

Jo, och bei eis gëtt de Moment vill gebaut, mee mam neie Bebauungsplang hu mer eis d'Méiglechkeet ginn, kontrolléiert ze wuessen an dobäi ee schaarft An op alles ze werfen, wat zu enger kontraproduktiver Entwécklung kéint bäidroen.

Grad op Nationalfeierdag sollte mer eis besënnen, firwat mer dach awer haut sou staark als Gemeinschaft, als Gemeng an als Staat sou do stinn.

Vum selwen ass dat nit gaangen an do waren ëmmer gutt a staark Kräften derbäi, déi gehollef hunn eis Regioun an eist Land no vir ze bréngen.

Gewëss, et war och eng gutt Portioun Gléck derbäi, wéi mer, nach während der Stolkris an de siwwenzeger Joren am Finanzsecteur nei Piste konnte fannen, nei Aarbechtsplaze konnte schafen an an anere Beräicher d'Ëmstrukturéierung weiderdreiwen.

Mir stinn als Lëtzebuerger Land haut ganz staark do a mir ginn duerfir vun eisen Nopeschlänner an op der ganzer Welt bewonnert an awer och beneit...

An duerfir heescht et höllisch oppassen, dass d'Rad vun der Geschicht sech nit erëm dréint an dann zu eisen Ongonschten ausfällt.

Mir si mat Europa grouss ginn, souwuel um ekonomesche wéi politesche Plang. Awer de Coronavirus huet eis och däitlech virun Ae gefouert, wéi fragil dat Europa de Moment agéiert!

Eis grouss Noperen hu vun haut op muer nëmme méi u sech geduecht, hunn hir Grenzen zu Lëtzebuerg zougemaach an hunn eis dobäi mol nit gefrot.

Dat muss eis ze bedenke ginn, genausou wéi d'Opkomme vum Egoismus, vum Nationalismus, Rassismus, Friemenhaass a vun der Gewalt, déi doraus resultéieren.

Lëtzebuerg ass staark duerch seng geografesch Lag, duerch seng verschiddeartaarteg Ekonomie, duerch säin Know-how a ville sophistiquéierte Gebidder, duerch seng Flexibilitéit, mee virun allem och duerch säi multikulturellt Zesummeliewen an säi soziale Fridden.

Seng Oppenheet fir Europa an dat friddlecht Zesummeliewe vun alle Bevëlkerungsschichte ginn eis dee Virsprong vis-à-vis vu groussen Natiounen, dee mer brauchen, fir als klengt Land kënnen ze iwwerliewen.

Mir feieren eisen Nationalfeierdag dëst Joer doheem, an eiser Famill oder bei Frënn, am klenge Krees, sou wéi dat vun eis verlaangt gëtt, awer an der Iwwerzeegung, dass mer zesummen duerch deck an dënn kënnen goen, wann et da muss sinn.

Mir entbidden dem Garant vun eiser Fräiheet an Onofhängegkeet op dësem Dag, dem Grand-Duc Henri a senger Famill, déi jo och nach rezent duerch d'Gebuert vun deem klenge Prënz Charel d'Trounfolleg ofgeséichert huet, eis Sympathie an Unerkennung a wënschen eis all, datt mer dat nächst Joer ënner normale Konditiounen méi intensiv feiere kënnen.

Bleift eis all gesond!

Vive de Grand-Duc a seng Famill,

Vive Lëtzebuerg,

Vive d'Gemeng Useldeng.

Äre Buergermeeschter

Pollo Bodem

FR *Message de Monsieur le Bourgmestre à la veille de la fête nationale 2020!*

Chères citoyennes, chers citoyens!

Nous vivons une fête nationale inhabituelle, hors du commun, sans Te Deum solennel, sans participation de nos clubs et associations, sans cortège, sans remise de médailles, sans buffet en commun, sans ambiance et musique populaire etc.

La cause en est bien connue et nous acceptons ce défi avec un calme stoïque et une grande discipline; comme nous l'avons d'ailleurs déjà fait en période de "lockdown" de plus de 2 mois.

La Commune d'Useldange a bien échappé à cette crise, qui n'est pourtant pas finie et nous conseillons vivement à ne pas exagérer et à rester vigilant.

Rappelons-nous, que nos ancêtres ont dû subir beaucoup plus de peines durant la terrible 2ème guerre mondiale et avec un peu de patience et un esprit positif, nous allons sortir tous tête haute de cette isolation forcée.

Nous avons eu le temps, en cette période de Covid 19, à réfléchir sur nous-mêmes, à redécouvrir notre jolie Commune avec son ruisseau idyllique "Attert" et sa nature encore tout à fait intacte et nous osons avouer avec une certaine fierté, que la qualité de vie de notre Commune diffère néanmoins largement de celle des grandes villes ou des régions surpeuplées ou industrielles qui nous entourent.



Foto: Pfl Lang

Oui, d'accord, chez nous aussi on construit beaucoup, mais notre nouveau plan d'aménagement général nous donne la possibilité à contrôler la croissance et à surveiller de près tout développement contre-productif.

En ce jour de la fête nationale, il incombe de se souvenir sur le pourquoi de notre force et de notre prospérité, dans la Communauté, dans la Commune et dans l'Etat lui-même.

Rien ne se fait tout seul et il y avait toujours des femmes et des hommes qui ont aidé et qui ont largement contribué à construire notre pays et à faire progresser notre région.

Oui, bien sûr, nous avons eu de la chance à nous réorienter - après la crise de l'acier - dans le secteur financier et à trouver d'autres pistes de création d'emplois et à promouvoir la restructuration économique.

Le Luxembourg se trouve aujourd'hui dans une position de force et nos pays voisins nous admirent et ... deviennent en même temps un peu jaloux.

Voilà pourquoi, il faut être extrêmement vigilant et veiller à ce que la roue de l'histoire ne tourne pas à notre défaveur.

Nous avons grandi avec l'Europe, tant sur le plan économique que politique, mais cette crise du Coronavirus nous a également montré la grande fragilité de cette Europe construite dans le temps avec tant d'enthousiasme.

Nos grands pays voisins d'un jour à l'autre, ont fermé leurs frontières ... sans nous passer un seul mot!

Un acte qui nous fait réfléchir de même que l'apparition à nouveau d'une renaissance dangereuse de de l'égoïsme,

du nationalisme, du racisme et de la haine envers tout étranger - dans pas mal de pays.

Le Luxembourg est fort à travers sa situation géographique, par son économie diversifiée, par son savoir-faire dans pas mal de domaines sophistiqués, par sa flexibilité, mais avant tout aussi à cause de sa cohabitation multiculturelle et de sa paix sociale.

L'ouverture pour l'Europe et la vie d'ensemble paisible nous procurent cet avantage vis-à-vis des grandes nations, dont nous avons tellement besoin à survivre en tant que petit pays.

Nous fêtons donc cette année à domicile, en famille ou en petit cercle entre amis, comme exigé d'ailleurs, mais dans la pleine conviction, que seulement ensemble, nous allons surmonter tous les obstacles éventuels à rencontrer.

Nous souhaitons à notre Grand-Duc Henri - le garant de notre liberté et de notre indépendance - et à sa famille sympathique y inclus le nouveau-né et successeur au trône le prince Charles, le meilleur à l'avenir et notre reconnaissance et dévouement, tout en exprimant le désir de pouvoir fêter plus intensément l'année prochaine et dans des conditions tout à fait normales de nouveau.

Vive le Grand-Duc et sa famille,

Vive le Luxembourg,

Vive la Commune d'Useldange

Votre Bourgmestre

Pollo Bodem

Communiqué du collège échevinal

Chères citoyennes, chers citoyens,

La commune d'Useldange introduira sous peu les Zones 30 à l'intérieur des localités!

Des précisions quant à ce sujet vous seront communiquées dans une édition spécialement dédiée à ce sujet vers la fin septembre.

Pourquoi les Zones 30?

Répondant à une demande généralisée, l'amélioration de la qualité de vie dans les communes est largement tributaire de la sécurité routière et de la protection des riverains contre les bruits de la circulation et les gaz d'échappement.

Etant donné qu'une réduction de la vitesse maximale autorisée entraîne avant tout une amélioration de la sécurité routière, les responsables communaux d'Useldange ont fait élaborer une étude relative à la création généralisée de zones 30 dans l'ensemble des rues communales.

Le plan pour l'introduction des zones 30 ayant à présent passé les procédures administratives prévues, il incombe au Conseil communal de donner feu vert dans la prochaine séance communale.

D'ores et déjà, nous invitons tous les usagers de la route à contribuer à une amélioration de la qualité de vie dans nos quartiers résidentiels en conformant leur conduite aux nouvelles limitations de vitesse.

Nous vous en remercions d'avance déjà très sincèrement!

Pollo Bodem, bourgmestre

Pé Da Silva, échevin

Christian Frank, échevin



Groupe Spéléologique de l'Attert



De Grupp „G.S.A Groupe Spéléologique de l'Attert“ gouf de 5. Mäerz 1996 gegrënnt a Form vun enger Gesellschaft ouni Gewënzwecker.

Mir sinn eng Grupp vu fräiwëllege Spéléologen (Hielefuescher) déi no verstoppte Gäng, Hielen oder Grouwe sichen am ganze Land an och am nobäien Ausland.

Bei eisem Hobby ass Komerodschaft a Sportlechkeet gefrot, wëll et heescht dacks klammen an och emol krauchen.

Emol en Huelraum fonnt, interesséieren eis geologisch, historisch archäologisch Aspekter, awer och d'Fauna (Molchen, Mouken, Fliedermais ...) an och Flora (Champignons, Moos, Mineralien, an och Fossilien, asw.).

Mir wëllen d'Leit hei am Land drop opmierksam maachen, datt vill Hielen, Gäng a Stollen einfach an de Vergiess gerode sinn, well kee sech derfir intresséiert.

Oft sinn och esou Saachen einfach zougetippt ginn, wëll se fir ze geféierlech ugesi goufen oder se ganz einfach nëmmen am Wee waren. Kennt Dir och esou Geschichten? Hutt Dir schon emol éierens e bossicht Lach oder eng déif Kaul an enger Wiss oder Bësch gesinn? Oder eng Spalt an enger Fielswand? Dann zéckt net laang a rufft eis un um 661 505 000. Merci am Virus.

Seet eisen Hobby lech eppes, an Dir hätt och Loscht matzemaachen, da gitt Member bei eis, dem G.S.A! Mat 12 Euro am Joer sidd Dir Member am Grupp. Konditiounen fir en effektiven Member ze ginn? Frot beim President Patrick Klein vum G.S.A. no um 661 505 000. Eng Assurance UBS ass fir +- 68 Euro pro Persoun ze kréie fir e ganz Joer

President: Patrick Klein
GSM +352 661 505 5000
patklein1960@gmail.com

JSKU – aktiv in und für die Gemeinde

In Corona Zeiten aktiv zu sein und zu bleiben ist nicht einfach. Trotzdem haben wir unser Bestes probiert und werden dies auch in den letzten Monaten dieses turbulenten Jahres weiter versuchen.

Bereits im Januar, noch ohne Maske und ohne Abstandsregelung, waren wir mit Kindern und Jugendlichen aus der Gemeinde Schlittschuhlaufen in Beaufort. Zwar waren auch dieses Jahr nicht ganz viele Kinder bei unserem Angebot dabei, hatten aber mit Fangen spielen, Wettrennen oder ersten Übungen auf dem Eis viel Spaß.

Ausgebucht war dagegen unser Ausflug Ende Juli zum *Stand-Up-Paddling* am Stausee. Gemeinsam wagten wir uns nach einer kurzen theoretischen Einweisung der „Geräte“ mit unseren Instruktoern auf den See hinaus. Mit viel Freude, Lachen und dem einen oder anderen Sturz ins Wasser bewegten wir uns schon nach kurzer Zeit mehr oder weniger elegant über das Wasser.

Als eine tolle und sportlich gute Equipe wurden wir abschließend von unseren Begleitern betitelt. Useldenger eben! Aber besonders positiv ist, dass alle Teilnehmer 2021





bei einem nächsten Ausflug der JSKU auf den Stausee wieder dabei sein wollen. Besser geht nicht!

Wie bereits im ersten Satz angesprochen hat auch uns Covid-19 einen Strich durch angedachte Aktivitäten gemacht, so dass bisher nur diese beiden Aktivitäten durchgeführt wurden. Im Rahmen der Sicherheitsvorschriften möchten wir aber im September noch 2 weitere Aktivitäten für Jung-und-Alt anbieten. Am 26. September bietet die JSKU eine *Tréppeltour* von ca. 10 km durch die Dörfer der Gemeinde an. Aufgrund der Lage nicht als gesellige Veranstaltung, sondern als individuelle, „*sportliche*“ Aktivität. Und wie in den bereits an die Haushalte ausgeteilten Flyer

angekündigt, können wir hoffentlich ab Mitte September einen Tanzkurs in der Gemeinde anbieten.

Sie sehen, die JSKU bleibt auch mit Abstand und Sicherheitsregeln aktiv für die Gemeinde.

Bleibt gesund!

Christel Gottschalk
im Auftrag für die Jugend- und Sportkommission

Fotos: Christel Gottschalk & Claude Rieff

Das kulturelle Erbgut bewahren

Gründung der Vereinigung « Les Amis du Prieuré d'Useldange a.s.b.l. »

Am 15. Juli 2020 wurde im früheren Schloss von Everlingen (Gemeinde Useldingen) die Vereinigung „Les Amis du Prieuré d'Useldange“ gegründet, die ihren Sitz künftig auch „am Schlass“ hat.

In der ersten Sitzung wurden, die von Jurist Marc Modert ausgearbeiteten Statuten erläutert und einstimmig angenommen. Laut diesen Statuten hat sich die Vereinigung zum Ziel gesetzt, Nachforschungen, im Zusammenhang mit der Vergangenheit und der Geschichte der Ortschaft Useldingen und ihrer Nachbardörfer, zu unterstützen und zu fördern, und sich aktiv an deren Aufzeichnung und Darstellung zu beteiligen. Dabei soll das Hauptaugenmerk dem früheren, sich heute in Privathand befindenden „Prieuré d'Useldange“ gelten, dessen Ursprung und Gründung auf das frühe 12. Jahrhundert zurückreichen.

Hierzu gehört, die Einwohnerschaft sowie die zuständigen lokalen und nationalen Instanzen bewusst auf die raren

baulichen Überreste des Priorates im Klouschterhaff hinzuweisen und sie für eine permanente Erhaltung dieses, unseres gemeinsamen Erbgutes zu sensibilisieren. Sowohl geschichtlich als auch architektonisch darf das Priorat unbestreitbar als einmalig für den Kanton Redingen und den nördlichen Teil Luxemburgs eingeordnet werden.

Geplant sind die Befürwortung und Unterstützung einer umfassenden archäologischen Ausgrabung der noch vorhandenen Fundamente und deren integralen Erhaltung. Die Inventarisierung und Erhaltung der noch bestehenden Relikte auf dem Gelände der früheren, zum Priorat gehörenden Basilika, sowie das Zusammentragen und Verbreitung von Informationen, die im Zusammenhang mit der Geschichte des Priorates stehen, stellen einen weiteren Schwerpunkt dar.



Gründungsversammlung am 15. Juli 2020 in Everlingen „Am Schlass“



Foto: G. Majerus

Vorstellung am 11. August 2020 eines ersten Modells des Priorates, das sich auf die Maße eines Planes von 1584 stützt. Rechts sieht man die über 30 Meter lange dreischiffige Basilika, die durch den Kreuzgang in der Mitte (verdeckt) mit dem Kloster (claustrum) ganz links verbunden ist.

Weitere Zielsetzungen sind beispielsweise die aktive Beteiligung am Erhalt des historischen und patrimonialen Erbgutes des Attertdorfes Useldingen und dessen nähere Umgebung, dies mit Bezug auf die ländlich-architektonische, feudale, religiöse, industrielle und landschaftliche Substanz.

Die neugegründete Vereinigung möchte ihre gesteckten Ziele durch verschiedene Aktionen, wie Konferenzen, Seminaren, Rundtischgespräche, organisierte Besichtigungen, Ausstellungen und die Visualisierung der Überreste vor Ort erreichen. Vorgesehen sind zudem Veranstaltungen im Zusammenhang mit der Geschichte der Region. Dies soll geschehen durch regionale, nationale und internationale Zusammenarbeit mit verschiedenen Institutionen, die sowohl im professionellen wie im Amateurbereich tätig sind. Gepflegt werden auch Kontakte mit den nationalen Autoritäten und Vereinigungen, die ähnliche Ziele verfolgen.

Die Statuten sehen u.a. vor, dass neben den „membres associés“ auch gerne „membres adhérents“ aufgenommen

werden können. Diese haben allerdings kein Stimmrecht bei der Generalversammlung.

Diesbezügliche Interessenten/-innen können sich gerne an ein Vorstandsmitglied wenden zwecks einer Aufnahme in die neue Vereinigung.

Die Geschicke der Vereinigung „Les Amis du Prieuré d’Useldange“ werden von einem Verwaltungsrat geleitet, der aus mindestens sieben und maximal aus 15 Personen besteht. Als „membres-associés-fondateurs“ gelten folgende Personen: Otmar Adames, Useldingen, Romain Bis, Oetringen, Georges Calteux, Echternach, Léon Gregorius, Useldingen, Georges Majerus, Aspelt, Jackie Messerich, Useldingen, Romain Kleer, Useldingen, Marc Modert, Luxemburg, Marco Pavani, Everlingen, Gast Roderes, Mamer, Stephie Reichert, Useldingen, Jos Wampach, Useldingen. Bei Gelegenheit der Gründungsversammlung wurden Stephie Reichert als Präsidentin und Georges Calteux als Vize-Präsident bestimmt.

Text: Gast Roderes

100. Gebuertsdag Jempi Scholtus

Et war virgesinn de Jempi Scholtus mat der Gemeng, de Veräiner an der Familljeminiestesch Corinne CAHEN den 13.05.2020 ze feiern. Leider huet dat wéinst dem Coronavirus misse verréckelt ginn.

Am Kader vum Hämmlersmarsch 2020 zu Schandel huet d'Harmonie Useldeng dem Jempi Scholtus fir säin 100.Gebuertsdag gratuléiert. Niewent dem traditionellen Hämmlersmarsch an der „Kiermes am Duerf“ huet

d'Harmonie Useldeng him een Happy Birthday gespillt .

Ushléissend krut den Här Scholtus ee Bouquet Blumme vum Julie Boudler, eng vun eise jéngste Musikantinnen, iwwerrecht.

Mir wënschen dem Jempi all Guddes, eng gutt Gesondheet an nëmmen dat Beschtfir déi nächst Joren.

Text: Max Koster

Foto: Pé da Silva



125. Gebuertsdag vun der Harmonie Useldeng



Den Optakt vun de Feierlechkeete fir den 125. Gebuertsdag vun eiser Musek war de 7. März mat engem flotte Concert gespillt vun der Élwënter Musek. Déi 70 Musikantinnen a Musikanten, ënnert der Leedung vum Dirigent Werner Eckes, woussten d'Nolauschterer mat hirem usprochsvolle Programm „HUT goes Movies“ ze begeeschten. Dëse Concert stoung ënnert dem Patronage vun der UGDA, vertrueden duerch den Här Robert Mamer.

Och wann de Centre Culturel deen Owend net bis op déi lescht Platz besat war, sécherlich bedéngt duerch déi éischt Auswierkung vum Coronavirus, sou konnt de President vum Organisatiounscomité dach eng etlech Éieregäschtt begréissen, nieft de Gemengevertrieder aus eiser Gemeng

an den Nopeschgemengen, Vertrieder vun anere Veräiner a Museken, Sponsoren an Éieremembere vun eiser Museksgesellschaft, ënner anerem och den Deputéierten André Bauler.

Opgrond vun der Pandemie vu Covid-19 konnte bis elo leider keng Manifestatioun fir d'Gebuertsdagsfeier méi ofgehale ginn a sinn deelweis op 2021 verluecht ginn.

An der nächster Editioun vun dëser Zäitschrëft komme mir op de weidere Verlaf vun de Manifestatioun fir d'Gebuertsdagsfeier vun eiser Musek zeréck.

Text: Roger Jacoby

Fotoe: Claude Hostert

Hämmelsmarsch 2020

Ënnert der Berécksiichtung vun de Recommendatioune vun der Regierung an der UGDA betreffend d'Hämmelsmärsch uechtert d'Land, huet d'Harmonie Useldeng et sech net huele gelooss, déi 4 Hämmelsmärsch, déi während dëser Zäit vum Joer ustinn, ze spillen.

Ugefaangen de 24. Mee zu Iewerleng, duerno de 7. Juni zu Schandel, den 29. Juni am Altersheem „Pescatore“ an der Stad an zu gudder Lescht, den 19. Juli 2020 zu Useldeng.

Den Hämmelsmarsch ass gutt bei den Awunner aus eiser Gemeng ukomm a si ware frou, dass mir déi Traditioun och a Coronazäit bäibehalen hunn, an hinnen den Alldag e wéineg musikalesch verschéinert hunn.

Text: Max Koster



Foto: Josée Anzia | Schandel



Foto: Max Koster | Iewerleng



Foto: Carlo Feck | Useldeng

F.C. Jeunesse Useldeng



Léiwe Supporter vum Useldenger Fussball,

Trotz, an och mat der Coronakris gëtt hei am Land erëm Fussball gespilt. **Am Seniors-Beräich** sinn déi éischt Frëndschaftsmatcher an och -Turnéier scho gespilt. Et geet op den Championnat zou.

Eis 1. Ekippl spillt déi nächste Saison an der 1. Divisioun, 1. Bezierk. Ee Bezierk mat 16 Ekippen!

Déi éischt 4 Matcher sinn:

30.08. Minerva Lëntgen – Jeunesse Useldeng

06.09. Jeunesse Useldeng – FC Kielen

13.09. Daring Iechternach – Jeunesse Useldeng

20.09. Jeunesse Useldeng – US Baastenduerf

De genaue Programm fannt dir op www.footballuseldeng.lu.

De Programm vun eise **Seniors-Reserves** an eise 5 **Jugendekippen** ass zu dësem Moment nach net bekannt. Awer, 2 Joer nodeem eisen Veräin d'Entente Jeunesse Atertdaul verlooss huet, féiert d'Jeunesse Useldeng elo scho 5 Jugendekippen! Et sinn dëst: Bambinis; Pupilles; Poussins; Scolaires a Cadets. Wien hätt dat deemools fir méiglech gehalen? Wann Dir also ee Jong oder ee Meedchen hutt, dat an deem Alter ass a Fussball spille wéilt, da gitt op eisen Internetsite. Dir kënnt do ee Formular mat ären Donnéeën ausfüllen oder schreift eis op jugend@footballuseldeng.lu.

footballuseldeng.lu. All dat ass der exzellerter Aarbecht vun eiser Jugendkommissioun ze verdanken.

De Samschden, den 01.08.2020 hate mir d'**Generalversammlung** vun eisem Veräin am Centre culturel zu Useldeng. Déi war wéi esou viles a dëse Méint an engem spezielle Kader. Mir ginn dovun aus, dass wéinst deene speziellen Ëmstänn net esou vill Memberen deelgeholl hunn, wéi dat normalerweis de Fall ass, mee vu dass mir eng ASBL sinn, ass d'Generalversammlung Flicht an esou hu mir déi dann och ofgehalen. Positiv war, dass d'Leit kee Problem haten, fir de virgeschriwwenen Ofstand anzehalen.

A senger Begréissungsried huet de President Marcel Kautchen d'Memberen „an dëse komeschen Zäite“ wëllkomm geheescht, senge Spiller, dem Komitee, der Gemeng Useldeng an allen, déi iergendwéi am Laf vum Joer eng Hand ugepaakt haten, Merci gesot. Hie war mat der leschter Saison, déi eis 1. Ekippl op der 1. Plaz ofgeschloss huet, och wann d'Saison fréizäiteg ofgebrach gouf, natierlech héich zefridden. Gefeiert konnt deen Exploit bis elo nach net ginn, mee dat soll alles nogeholl gi, genee wéi de 75. Gebuertsdag vun eisem Club, dee jo och 2020 sollt grouss gefeiert gi.

Éier de Lull Waltzing den Aktivitéitsbericht vun de leschten 12 Méint gemaach huet, deen och méi kuerz ausgefall ass, wéi mir dat soss gewinnt sinn, huet hien drop higewisen,

datt genau op den Dag vun dëser Generalversammlung de Veräin gegrennt ginn ass. Also genee viru 75 Joer. Dat war awer éischter en Zoufall.

De Claude Metz huet a senger Funktioun als Leader vun eiser Jugendkommissioun e positivt Fazit vun der éischter Saison vun eiser neier Jugendkommissioun gezunn, nodeem mir um Enn vun der leschter Saison aus dem Atertall ausgetruede waren, hate mir op eisen eegenen Numm 3 Jugendekipp am Championnat, déi alleguer, bis de Coronavirus komm ass, gutt ennerwee waren. Dass dat wierklech eng gutt Initiativ war, weist de Fait, dass mir an der neier Saison mat enger Bambinis-, Pupilles-, Poussins-, Scolaires- an Cadetsekipp untrieden, an eis Jugend am Moment scho bal 80 Lizenzen zielt.

Duerno war et un der Rei vum Tresorier Thierry Bodem, deen, an och dat huet net iwwerrascht, e klenge Réckgang an de Finanzen ze verzechnen hat, et waren nun emol eng ganz Rëtsch Aktivitéiten a Fussballmatcher ausgefall. De Roger Jacoby, deen als Vertrieeder vun de Keeserevisoren dem Thierry eng excellent Nott ginn huet, sot d'Bicher wiere beispillhaft gefouert, hien an de Wampach's Jos hätte wuel all Operatioun kontrolléiert, mee et wär awer kee Feeler ze fanne gewiescht. Den Thierry hat d'Missioun vum Caissier 2009 iwwerholl, an um Enn vun sengem Bericht d'Generalversammlung informéiert, dass hien no 9 Joer als Tresorier vum FC Jeunesse USELDENG géif ophalen an dat Ganzt un de Claude Metz iwwergëtt. Am Numm vum FC Jeunesse USELDENG soe mir him natierlech en décke Merci fir seng 9 Joer als Tresorier. Well säin Ofgang an dësen Zäiten vläicht net déi néideg Unerkennung a Wäertschätzung kritt hätt, wéi an normalen Zäiten, dofir soll hien iwwert dësen Wee nach emol gelueft ginn. Ëmmerhin huet den Thierry haaptsächlech dofir gesuert, dass d'Keess, déi hien iwwergëtt e gutt Stéck besser gefëllt ass, wéi déi, déi hien 2009 iwwerholl hat. Merci Thierry.

Den Thierry huet uschlëssend och nach e klengen Iwwerbléck iwwer Zou- an Ofgäng no der Transfertzäit ginn. Den Iwwerbléck dovu fannt dir op eisem Internetsite www.footballuseldeng.lu, deen Dir iwwregens säit e puer Wochen an

engem komplett neie Layout fannt. Am Komitee goufen et keng weider Ännerungen ze vermellen.

Souguer de Buergermeeschter Pollo Bodem huet sech dëst Joer misste vertrieede loossen. Ech mengen, dass hien an deene Joren, wou hie Buergermeeschter ass, nach keng Generalversammlung verpasst hat, a säit hien Member ass, och net. De Christian Frank huet seng Charge awer mat Bra-vour gemeeschtert, huet dem Useldenger Fussball Merci gesot. D'Gemeng Useldeng géif seng Veräiner haaptsächlech als Vertrieeder vun der Gemeng dobaussen gesinn, an déi Aufgab géife mir wonnerbar erfëllen. Hien huet gratuléiert zu der erfollegräicher Saison an zum 75. Gebuertsdag. En huet nach emol widderholl, dass dat op jidde Fall nodréiglech géif gefeiert ginn. Zum Projet vun der eegener Jugend wier d'Gemeng am Ufank dach e bësse skeptesch gewiescht, mee dass mir elo sou eng grouss Unzuel vu Jugendspiller hätten an no engem Joer scho bal sämtlech Jugendkategorie kéinten ubidden, géif weisen, dass d'Decision richteg war. D'Gemeng géif de Fussball natierlech weiderhin ennerstëtzen, an déi nei Grillbud, déi um Fussballsterrain am Gaang ass ze entstoen, géif senges Gläichen an der Ëmgéigend sichen.

No ronn enger Stonn huet de Marcel Kauthen de Membe-ren nach emol Merci gesot fir hir Presenz an huet op e Patt invitéiert, deen natierlech mam néidegen Ofstand, genoss gouf.

D'Festivitéiten vun eiser **75-Joer-Feier** hu mir op 2021 misse verleeën. De provisoeresche Programm fannt Dir hei drënner, grad ewéi d'Lëscht vun eisen Transferten an de QR-Code (hei drënner), fir direkt op eisen Internetsite ze kommen. Eng rezent Foto vun eiser 1. Ekipp publizéiere mir och schonn hei am Heft.



QR code

FC Jeunesse Useldeng - Manifestatiounskalenner vum 75. Anniversaire				Joer 2021
Jour	Date	Heure	Rendez-vous	Lieu
Samsdeg	24.10.2020	09:00	FLF Kongress	Sportshal Useldeng
Sonndeg	09.05.2021	16:00	Championnatsmatch : Jeunesse Useldeng - Jeunesse Schieren	Terrain Nic. Anzia Useldeng
Sonndeg	09.05.2021	18:00	Aweigung vum Erënnerungsbam	Terrain Nic. Anzia Useldeng
Sonndeg	27.06.2021	10:00	Akadesch Sëtzung & Buchvirstellung	Centre culturel Useldeng
Sonndeg	27.06.2021	12:30	Éiereschampes	Centre culturel Useldeng
Sonndeg	27.06.2021	13:00	Treffe vun all eise Membere mat uschlëssend engem Buffet	Centre culturel Useldeng
Freideg	16.07.2021	21:00	Zeltfest mam DJ Dee & DJ Flex Diamond	Ekologesche Parking
Samsdeg	17.07.2021	21:00	Zeltfest mam DJ Dee & DJ Flex Diamond	Ekologesche Parking
	03-08/08/2021		Coupe Nic. Anzia	Terrain Nic. Anzia Useldeng

Ofgäng

	Alter	< 01.08.	Stand	Veräin
POVOAS Alessandro	27.06.1999	21	temporaire	FOLSCHETTE
OLIVEIRA DIAS Leandro	02.04.1999	21	définitif	FOLSCHETTE
HAJDER Edvin	12.02.1999	21	temporaire	BROUCH
CORREIA Rafael	30.06.1998	22	temporaire	FOLSCHETTE
PEREIRA SILVA FERNANDES Valdemar	23.02.1998	22	définitif	FOLSCHETTE
KLOPP Pol	18.05.1997	23	temporaire	LINTGEN
ROCHA LOPES Hugo	19.03.1997	23	définitif	FOLSCHETTE
CORREIA RIBEIRO Fabio	20.07.1996	24	temporaire	BOEVANGE
SADLER Jeff	08.05.1996	24	temporaire	ALLIANCE
MADEIROS DOS SANTOS André	23.08.1995	24	définitif	PERLE
SOUMAHORO Jack	09.07.1995	25	temporaire	MONDORF
BERARDI Jeremy	06.04.1995	25	temporaire	RAMBROUCH
SCHARTZ Mike	24.02.1995	25	définitif	ELL
ADAME Franck	31.10.1994	25	définitif	MONDORF
DA MOTA PIMENTA Jordy	26.04.1994	26	temporaire	HARLANGE
TAHIRSYLAJ Arber	17.03.1994	26	définitif	STEINFORT
GEGIC Melvin	07.05.1993	27	temporaire	ESCH
CARREIRA DE CARVALHO Marco	26.04.1993	27	temporaire	ECHTERNACH
MEHANOVIC Dino	25.09.1992	27	temporaire	HARLANGE
MEIRELESS Tiago	07.08.1991	28	définitif	BOEVANGE
MERIC Omer	25.06.1991	29	temporaire	HARLANGE
CARDOSO DA SILVA Manuel	23.05.1991	29	temporaire	FOLSCHETTE
JEANPAUL Max	15.11.1990	29	temporaire	FOLSCHETTE
DIAS ASSUNCAO Valdo	08.03.1990	30	définitif	FOLSCHETTE
SABOTIC Damir	18.09.1989	30	définitif	JS AUDUNOISE
ADROVIC Anis	15.02.1988	32	définitif	WILTZ
KESEROVIC Ramo	11.02.1987	33	définitif	COLMAR
HAJDAREVIC Mirnes	22.12.1985	34	définitif	CEBRA
SABOTIC Admir	10.11.1984	35	définitif	JS AUDUNOISE

Dat neit Dateschutzgesetz erliichtert eis et net, all eis al Spiller a fréier affiliéiert Memberen erëmzefannen. Hat dir mol eng Lizenz beim Useldenger Fussball, a wëllt dir un eise Festivitéiten 2021 fir déi 75-Joer-Feier deelhue-len, da melletech wannechgelift bei eisem Sekretär un: lullwartzing@pt.lu

Bass du un engem Abo fir déi **15** Heemmatcher vun eiser 1. Ekip interesséiert, dann iwwerweis 60 €.

Wann's du dem Veräin de Ball de Match stëfte wëlls, kascht dat 100 €.

De Kontosnummer vum Veräin ass: [CCRA LU28 0090 0000 3026 9609](https://ccra.lu/28009000030269609). Am Virus Merci.

Ee ganz grouse Merci un all déi Leit an déi Firmaen, déi eis ënnerstëtzen!

de Kommittee vum FC Jeunesse Useldeng

Zougäng

	Alter	< 01.08.	Stand	Veräin
VIGATO Fabio	06.02.2016	4	nei Lizenz	
CLOSENER Kyran	01.07.2008	12	définitif	BISSEN
AKENTOUR Rayan	23.04.2009	11	définitif	PREIZERDAUL
SHIHABI Tark	08.05.2008	12	définitif	PREIZERDAUL
DE OLIVEIRA PATRICIO Pedro	27.05.2006	14	temporaire	AISCHDALL
WEBER Roy	05.09.2005	14	temporaire	PREIZERDAUL
MEIS Maxim	19.10.2004	15	définitif	BECKERICH
WOLTER Mathis	23.09.2004	15	définitif	BECKERICH
HARPES Luca	09.07.2004	16	temporaire	BECKERICH
ALVES Bessa	05.07.2004	16	définitif	STEINSEL
DOS SANTOS VIEIRA Miguel	16.05.2004	16	temporaire	PREIZERDAUL
DOS SANTOS VIEIRA Gonçalo	16.05.2004	16	définitif	PREIZERDAUL
MIRANDA GONCALVES Nelson Ricardo	05.05.2004	16	définitif	STEINSEL
KOUAKOU Demoyet Rouane	17.12.2003	16	temporaire	PREIZERDAUL
KELMENDI Rinor	28.02.2003	17	définitif	AISCHDALL
HALIMI Ermal	06.01.2003	17	définitif	BECKERICH
MUNIKEN Quentin	02.05.2002	18	temporaire	MERTZIG
WINCKEL Dwight	09.03.2002	18	temporaire	DUDELANGE
FRANK Luca	06.11.2001	18	temporaire	ETTELBRUCK
STEPHAN Eliott	13.08.2001	18	temporaire	STEINFORT
KELMENDI Dritro	18.11.2000	19	définitif	AISCHDALL
MARQUES AFONSO Hernani	12.06.2000	20	définitif	BERDORF/ CONSDORF
JOSE FRANCES Michael	21.01.2000	20	définitif	MERSCH
FREYMAN Alex	11.02.1998	22	définitif	AISCHDALL
ADAM Daniel	04.02.1997	23	retour	ERPELDANGE
FREITAS MORGADO Joao	06.07.1996	24	retour	ETTELBRUCK
BORGES VARELA Jeremy	07.02.1996	24	temporaire	MONNERICH
TAVARES Franky	20.12.1994	25	temporaire	SANEM
CIVIC Adis	16.11.1994	25	définitif	WILTZ
RODRIGUES Lionel	29.07.1994	26	temporaire	BELVAUX
MONTEIRO Stinbol	13.03.1994	26	définitif	
ALBUQUERQUE Licinio Fabio	16.06.1992	28	définitif	PAFFENDALL
KRUCHTEN Thierry	06.09.1989	30	nei Lizenz	
TOMMASI Luca	04.10.1988	31	définitif	MONNERICH
MENTZ Jérôme	02.02.1989	31	nei Lizenz	
DURAKOVIC Eldin	16.02.1988	32	définitif	MUNSBACH
RAMDEODOVIC Albert	09.06.1987	33	définitif	REISDORF
BRECHT Tom	12.02.1986	34	définitif	FOLSCHETTE
RUPPERT Patrick	29.09.1979	40	nei Lizenz	
SANTOS LOUREIRO Antonio	01.03.1975	45	définitif	HAMM
MUNIKEN Dany	18.12.1967	52	Transf.int.	
PARREIRA Manuel			définitif	MERTZIG
FERO Leo	20.06.1959	61	définitif	BOEVANGE

Einwohner aus Schandel erlegt einen Wolf im Useldinger Hiesel...



... so oder ähnlich hätte die Schlagzeile im Ripevuscl I. von 1826 lauten können, aber die damalige lokale Berichterstattung nahm keine Notiz von dieser besonderen Tat. Der in Hiesel erlegte Wolf wird auch nirgendwo in den offiziellen „Wolfslisten“ aufgeführt. Schon Ende des achtzehnten Jahrhunderts, wurde Luxemburg - nicht umsonst - als Département des Loups bezeichnet. Auf die Tötung von Wölfen waren Prämien ausgesetzt, die im Laufe des neunzehnten Jahrhunderts ständig angepasst wurden. So wurden z.B. durch Gesetz vom 8. Januar 1850, fünfundzwanzig Francs für die Tötung eines Wolfes oder einer Wölfin und fünf Francs auf die Tötung eines Jungtieres gezahlt. Prämien für die Tötung eines tollwütigen Wolfes konnten das Fünffache erreichen. Der Wolfsbezwinger galt als der Held des Tages. Die Männer trugen das erlegte Tier im Triumphmarsch durch das Dorf, wo sie von Haus zu Haus zogen und reichlich mit Münzen, Wurst und Hochprozentigem beschenkt wurden.

De la Fontaine, Gouverneur des Großherzogtums von 1841 bis 1848 äußerte sich folgendermaßen zum Wolf: „Le loup est un des fléaux de l'humanité et comme tel il est poursuivi à outrance partout où il se montre ...“. Diese landesweite Denkweise war einem Überleben des Wolfes in unseren heimischen Wäldern natürlich nicht

förderlich (... *destruction du loup*). Eine beispiellose Verfolgungskampagne in West- und Mitteleuropa, deren Ziel eine völlige Ausrottung des Wolfes war, führte bald auch (1904) zu seinem vollständigen Verschwinden in Deutschland.

Laut einer Aufstellung aus dem Jahre 1908 von Forstinspektor Ernst Faber aus Mersch sollen von 1850 bis 1883 241 Wölfe, davon 121 männliche, 72 weibliche und 48 Jungtiere in Luxemburg erlegt worden sein. In den achtziger Jahren des 19. Jahrhunderts nahm die Zahl der einheimischen Wölfe rasch ab, und so galt er anfangs der neunziger Jahre in unseren Gegenden als fast gänzlich ausgerottet.



Le Conseil de Gouvernement De la Fontaine, Président, 16 décembre 1847

Umso überraschender meldete die Obermosel-Zeitung vom 25. April 1893 den Abschuss eines stattlichen Wolfes in Olingen (Ouljen) in der Gemeinde Betzdorf. Der ausgestopfte Kopf dieses Wolfes figurierte als „le dernier loup tué dans le Grand-Duché de Luxembourg“, 1906 in der Antwerpener Jagd- und Fischereiausstellung. Lange Zeit galt dieser von Richter Edouard Wolff erlegte Wolf als Letzter seiner Art in Luxemburg. Seit 1937 erinnert eine Gedenktafel - mit falscher Datumsangabe - an den Meisterschützen und sein Opfer.

* **Roodt** (Syr), 24. April. Wolf erlegt. — Die Herren Perkhoff und Wolff aus Luxemburg hatten am heutigen Tage eine Treibjagd auf Schwarzwild in den von ihnen gepachteten Wäldern der Gemeinde Begdorf und Niederanven veranstaltet. Das Glück war ihnen absonderlich hold, denn der Wolf, der schon seit einem Jahre die Umgegend unsicher gemacht, wurde aufgeschreckt und durch einen Meisterschuß erlegt. Ein schönes Tier ist es und Grauen packt den Beschauer, wenn er das scharfe Gebiß betrachtet. Und wer war der glückliche Schütze? Herr Wolff, Richter in Luxemburg. Auch ein hochträchtiges Mutterschwein kam zur Strecke.

Obermosel-Zeitung vom 25. April 1893

Zum Anlass der Einweihung dieser Erinnerungsplakette im Jahre 1937 schrieb Sepp Thill, luxemburgischer Ingenieur und Gelegenheitsdichter, die Ballade „Dem Wollefsäi Plädoyer“. Sein Text lädt auch heute noch ein, über das Verhältnis von Menschen und Wolf nachzudenken und ebenso über das Prinzip, dass der Mensch dem Menschen gegenüber ein Wolf sein kann (*Homo homini lupus est*). Der Wolf ist nicht länger das schreckliche Raubtier, sondern der Mensch schlüpft nahtlos in dessen frühere Rolle.

Nachstehend ein kleiner Auszug aus der 21 Strophen zählenden Ballade (de Woullef erzielt...):

A wösst, Dir Leit, Äert Stirwen,
Ass keent ewe'i daat hei,
Trotz Laudan an trotz Pönken,
Gesank a Litanei.

Mei Stirwen ass eng Sche'inheet,
Meng Bohr ass goldegt Laaf,
An d'Honn matt Trauerlidder
De'i sötzen öm mei Graaf.

An Dir, Dir musst verschmuechten,
Dir wiesselt stöll an d'Nuecht
Kraaftlous vum Doudeleher,
Wur d'Krankheet Eech geluegt.

Ech wees, ech wor dee läschten
Vun onser Wollefsband,
An no mir wor geseibert
Vu Wollefen onst Land.


Trotz diesem „allerletzten“ auf luxemburgischen Boden erlegten Wolf, rissen die Meldungen von gesichteten und sogar erlegten Tieren nicht ab. Laut der Tageszeitung *L'indépendance luxembourgeoise* vom 28. Februar 1895 wurde bei Schoenfels (*Schäferei*) ein Wolf erlegt. Im Mai 1899 wurden im Grünwald drei junge Wölfe gesehen. Im November 1914 wird zwischen Aspelt und Altwies ein stattlicher Wolf beobachtet. Im Dezember 1914 wird von einem Wolf bei Insborn berichtet. Im Februar 1917 kamen einem Briefträger mehrere Wölfe in der Nähe von Longsdorf zu Gesicht, usw.

Jahr	Monat	Ortschaft	Anzahl	Spezies	Jäger
1800	Dez.	Reimberg	1	Wölfin	
1803	März	Vichten	1	Wolf	
1815	Nov.	Vichten	1	Wolf	
1815	Dez.	Böwingen	1	Wölfin	
1816	Dez.	Böwingen	1	Wölfin	
